N° 4033
Entrée le 04.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.05.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Een Artikel vum 29ten Abrëll am Tageblatt huet bericht, dass et am Abrëll zu enger Cyberattack op d'IT vun der Gemeng Déifferdeng gouf. D'Sécherheetslück soll duerch ee Plug-in fir den Upload vun Dokumenter entstane sinn. Ronn 5000 E-Mail-Adresse kéinte betraff sinn an et besteet d'Méiglechkeet, datt och sensibel Donnéeën, wéi Kopië vu Cartes d'identitéen oder Bankverbindunge consultéiert konnte ginn. D'CNPD gouf informéiert an déi betraffe Persoune sollen informéiert gi sinn. Gläichzäiteg gouf betount, datt et kee Risiko an der IT-Sécherheet gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wou genee waren déi betraffen Donnéeë gespäichert (z. B. op Servere vun der Gemeng, bei engem externen Déngschtleeschter, an der Cloud), a wéi war dës Infrastruktur organiséiert?

2. Wien hat Accès zu dësen Donnéeën (intern Servicer, extern Fournisseuren), a wéi war dësen Accès gereegelt a geséchert?

3. Gräifen aner Gemengen, ewéi Déifferdeng, op déi selwecht Déngschtleeschter zeréck a goufen se vun der Cyberattack zu Déifferdeng a Kenntnis gesat?

4. Aus wéi enge Grënn gräifen d'Gemengen op privat Déngschtleeschter zeréck fir hir digital Plattformen, amplaz op ëffentlech oder interkommunal Strukture wéi de SIGI?

5. Besteet eng national Reegel oder Recommandatioun vun de Ministèrë fir d'Benotzung vu staatlechen oder interkommunalen IT-Infrastrukturen, besonnesch wann et ëm d'Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeë geet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten